Lescht Manche vum Championat 2017 vun der Section de Compétition

den 05. November zu Réimech

Conrady Pit Weber Marc Thinnes Mike

Bei éischter nidderegen Temperaturen sinn eis Fëscher haut fir déi lescht Manche vum dës jäeregen Championat ugetrueden. Mat grousser Wahrscheinlechkeet sinn et och déi Temperaturen déi hinnen haut d‘ Liewen schwéier gemaach hunn. Gefëscht gouf zu Réimech beim Chinees an bei der Cave St. Martin. Sinn dach an den leschten Méint grad ob deenen Strecken vill an deck Grondelen gefaang ginn, sou huet haut fir déi allermeescht d‘ Welt e bëssen anescht ausgesinn. Et sinn der laang net esou vill an och relativ klenger gefaang ginn. An den leschten Wochen sinn och vill Pijen gefaang ginn. Bei der Cave St. Martin konnten awer nëmmen vereenzelt Fëscher därer fänken. Sou dass d‘ Gewiichter no 4 Stonnen net immens héich waren. Um Kapp konnt sech awer den Romain Zwick mat 2.510 Gramm behaapten, virum Roger Stranen mat 2.060 Gramm an dem Pit Conrady mat 1.990 Gramm.

Am Secteur beim Chinees hat den Marc Weber den Kappstand. Hien an den Pit sollten sech jo en Kapp un Kapp Rennen liwweren well si jo Punkten gläich ob der 1. Platz an dës Manche gaangen sinn. Den Marc huet och näischt ubrennen gelooss an huet kloer mat 4.330 Gramm dësen Secteur gewonnen, virum Mike Thinnes mat 3.870 Gramm an dem Fernand Schmitt mat 3.550 Gramm. Ze

erwänen bleift dass hei vill méi Pijen gefaang ginn sinn wei am ënneschten Secteur.

Um Enn kann den Marc Weber sech säin éischten an wuelverdéngten Meeschter Titel sécheren, virum Vize Meeschter Pit Conrady an dem Mike Thinnes als 3. um Podium.

Zesummen ass des Meeschterschaft begoss ginn an wei ëmmer hunn den Dan an den Erny dofir gesuergt dass Läif an Séil zesummenhalen. Hinnen e groussen Merci fir alles.

All de Fëscher soen ech perséinlech Merci fir hiren Asätz an deen flotten an fairen Oflaf vun dësem Championat. Den 3 éischt Klasséierten meng Gratulatiounen. Den Supporteren déi all Sonndes do waren och e groussen Merci. Ech wënschen iech all nach vill Fësch an eng gutt Wanter Paus an hoffen dass dir alleguer nächst Saison erëm dobäi sidd.

1. Weber Marc

2. Conrady Pit

3. Thinnes Mike

© *Bericht vum Viviane Schmitt an Fotoen vum Erny Schweitzer*

1. Weber Marc. 20520 Gramm 13 P.
2. Conrady Pit. 21460. “ 15 P.
3. Thinnes Mike. 19630. “ 17 P.